

Journées Commémoratives Nationales

1961 zu Esch/Uelzecht, Samsdes, den 31. August
1962 zu Diekrech, Sonndes, den 2. September
1963 zu Letzeburg, Sonndes, den 1. September
1964 zu Ké'hl, Sonndes, den 30. August
1965 zu Pe'teng, Sonndes den 5. September
1966 zu Woltz, Sonndes den 4. September
1967 zu Mamer, Sonndes den 3. September
an 1968 Sonndes den 15. September erem an der Stâdt

Treffen sech d'Enrôlés de Force, hier Familgen, Frenn a Bekannten fir d'Undenken un d'onglécklech letzeburgesch Kanner aus dem leschte Weltkrieg ze é'eren.

Et ass dé jährléich Alésong vum Versprieche hirt Undénken héch a wâch ze hâlen.

Et ass dé jährléich öffentlech Brennerong un hiere Sacrifice.

Et ass dé jährléich öffentlech Warnong virun nei'en internationalen politeschen Fehler.

Et ass dé jährléich öffentlech Uklo vum Naziregim an hire Nofolger.

Dé gréssten, zuellen- a wertmessegan Affer vum Letzeburger Volleck kan an dierf net an d'Vergiessen kommen. Awer, och virun engem nächsten Éhnlechen Blutzoll muss ons Hémecht bewârt ginn.

We' 1944 d'Enrôlés de Force sech an der Ligue "Ons Jongen" ze summen fond hun, go'w schon bâl d'Notwendegkét fun enger jährléicher öffentlecher Commémorati'on erkannt. De éschte Journée "Ons Jongen" start Samsdes den 1. September 1945 an der Stâdt Letzeburg. 5000 Jongen defilé'eren, meld d'Zeidong "Ons Jongen" an hierer Nummer 21 vum 12. September 1945.

1946 organise'eren "Ons Jongen" hier 2. Journées.

Och dé 3. Journée 1947, Samsdes den 30. August zu Letzeburg ass en eklatanten Erfolg.

Den 28. August 1948 follegt de 4. Journée. No baussen nach eng androck voll Manifestation awer d'Ligue steiert an eng Cisse. Enner hieren Führungsleit entatinn Divergenzen. Persénelch Ambitionen gewannen iwehand. D'Gegner vun der Bnegkét vun der Enrôlés de Force fannen Handlang'er an hir d'Ziel dé stârk Organisation "Ons Jongen" ze sprengen réckt meh no'.

1949 organise'ert den Zentralcomité zwar nach den 28. August verschidde d'Ceremonien, awer zu engem Cortège ríeft hén seng Memberen net meh an d'Stâdt. War et Absicht, Verso'en, Onverantwortung oder waren dé persénelch Zieler schon erécht? Am n° 17 vum 15. September 1949 an der Zeidong "Ons Jongen" steht ze liesen iwert des Ceremonien: "Der Zentralvorstand der Liga "Ons Jongen" war durch die Herren Gremling, Wohlfahrt, Fandel, Welter und Felten vertreten."

Nô dem Ennergang vun der Ligue "Ons Jongen" verschwannen och d'Journé "Ons Jongen" mit hieren öffentlechen Démonstrationen. D'Gegner hätten gewonnen! Keng éneg Organisation wor mé do fir d'Interessen vun den Zwangsrekrutierten ze verdédégen. Ké sterke Grupp fir Discrimination aus dem ominösen "Kriegesgeschâdengesetz" unzuprangere an verschwannen ze dongen. D'E'er vun onse Gefâlenen konnt an d'Zweifel gestalt ginn. Hir Witfrâen direkt an der Rentenberechnong benodélegt. D'Kanner kéng "Pupilles de la Nation" mit allen Désavantages. D'Elteren ohni gerech Hâll-f. Keng gerecht Entschiedegong fir de verlueren Zeit. Kéng Urech Verstoss an Erniedrigongen un laufendem

Band, sowuel um "dommage de guerre" wé bei Arbeitsverloren
den enrôlés konnt frei erem getreppelt ginn. Et wor jo kéng Fédérong
me'h do, de kapabel war sech ze wieren oder sech wiere wollt.

D'Veröffentlechung vum deitsch-letzeburgische Reparationsvertrag schlét
dann entgültig dem Fâsse de Bundes aus.

A kierzester Zeit, stungen erem d'Jongen an d'Médercher an enger neier
éneger Organisation do. D'Fédération des victimes du Nazisme enrôlés
de Force. A mat der Fédération, wé könnt et anesches sinn, kùnnen och
erem d'Journées Nationales. An eso lang d'Fédération vun allen enrôlés
de force bestéht eso lang bleiwen d'Journées besto'en.

Et ass net virstellbar dass en oprichtegen enrôlé de force, op Médchen
oder Jong, sech net sein Liewe lang un de schwarz Dég vum 30 an 31.
August 1942 erennert. An et ass och net denkbar, dass dé geaffert Ju-
gend aus dem leschte Weltkrich hir egen Komeroden an dé vergesst dé fir
sie an d'Hémacht hir d'Liewe ginn bun.

Dofir gow den Appel vum Nationalcomité mat dausendfached "présent" op
den Journées beäntwert. De Cortège mat dénen 5000 Participant'en aus de
Joer 1945 ass nach net me'h kleng gin..Zwar fehlt den én oder aneren
den nach 1945 dobei war (et pour cause) d'Redaktion) Dofir sin awer
anerer dobei komm. Zwar verlesst ons Joer fir Joer munch gudde Komerod
fir emmer, awer dofir fehlen um Appel seng Frâ a Banner net. De grosse
Wonsch fun onse Gegner, dass ons seien me'h kleng ginn erfüllt sech net

Wat fir é Médchen a wât fir é Jong dé fun de Preise verschléft, gelidde
a gepéngicht gow wöllt sech de Vierwurf mache lossen durch sein Fehlen
beim jährlechen Appel seng onglécklech Komerôden ze verlégnen? Wat fir
en Zwangsrekrute'erten ass sénger Verantwortung net bewosst, an durch
seng Présenz net mathölleift eng ähnlech Katastroph wé 1940 ofzewinnen?
Dé wo ofseite stinn sinn rar!

An dofir sin es eso zuellreich do, all dé, dénen et nemmen mégléich ass
an déne vergâgenen Joeren, dest Joer, an dé nächst Joeren!

A wann de leschten enrôlé de force firt lescht d'Journée Commémorativ
mat feiert, dann muss d'Commémoration vun de Sacrificer vun de Letze-
burger an de Joeren 1940-45 eso déw am letzeburger Vollek verankert
sinn, dass och hien roeg d'Aen zodrécke kann.

Wann dém net eso ass, da war den Affer vun onsen dausenden vun "Morts
pour la patrie" emsoass.